Streikgedenkdag 2019 P
(2 Kor. 5,1-7)

Léif Leit,
Mir denken haut un déi Grausamkeet virun 77 Joer, wéi op diktatoresch Manéier eis jonk Lëtzebuerger gezwonge gi sinn, e Wee ze goen, deen si net wollten, de Wee an d'Wehrmacht. Mir denken un de Courage, deen dorophin iwwerzeechte Patrioten haten, fir deem Goliath d'Stir ze bidden a sech deem entgéintzesetzen. Fir munchereen sollt et e Wee ginn, deen si mam Dout bezuelt hunn. A fir hir Familljen ; fir déi, déi zeréckbliwwe sinn, e Wee voller Leed a Froen : Wéi soll et weidergoen ?

D'Leit hu sech deemools d'Fro gestallt nom Liewen : Ass dat nach e Liewen – mat Krich an Zerstéierung ; mat Ongewëssheet a Flucht… An d'Leit hunn un d'Liewe gegleeft an nees opgebaut : aus den Trümmer eraus en neit Liewen.An och haut stellen Leit sech déi selwescht Fro :

Ass dat nach Liewen ?
- mat 200 aneren zesummen op engem wakelegen, iwwerfëllte Flüchtlingsboot um Mëttelmier ?

- an enger bombardéierter, ganz zerstéierter syrescher Stad, wou an allen Ecker Heckeschütze laueren ?

- mat dausende Mënschen an engem Flüchtlingslager an der Türkei mat der ganzer Famill an engem Zelt ënner onvirstellbaren hygieneschen an onmënschleche Bedingungen ?

Ass dat nach Liewen ? Wat kënnt ech net nach alles opzielen : aussichtslos Liewensbedingungen, déi mir äis kaum virstelle kënnen. An dach liewe Mënsche weider. An dach schäffen si ëmmer nei Kraaft fir duerchzehalen ; Hoffnung op méi Liewen an huelen duerfir villes a Kaf ; jo, setzen hiert Liewen op d'Spill.

Och den Apostel Paulus – wann ech ob déi 1. Liesung zeréckkommen – huet agesinn : Dat Liewe do kann dach net alles sinn. Et muss dach méi am Liewe ginn.

Och wa mir bei enger 1. Lektur zum Schluss kommen : Jo, et gëtt méi Liewen – seet de Paulus – e Liewe bei Gott, sou wéi eng Vertréischtung op dat, wat no dësem Liewe kënnt. Elo liewe mer a voller Onsécherheet, wéi an engem Zelt. Bei Gott awer erwaart äis e fest Haus, dat äis viru Reen a Schnéi, Keelt a Frascht schütze wäert.

Kann ech mat dësem haut nach eppes ufänken : Verlaangeren nom Dout als e Liewensmodell ?

Sou stellen ech mir de Paulus guer net vir. Hie war e Mënsch, dee mat béide Féiss fest um Buedem stung. Sécher, d'Liewe war fir hien net einfach, dat wësse mer aus senger Biografie ; dat verroden déi Wierder, déi hie gebraucht : e Liewen an engem Zelt ; ouni richtegen Ënnerdach, bei Reen a Keelt.

Wien d'Zäit vum leschte Krich an d'Nokrichszäit bei äis erlieft huet, fir dee sinn d'Wierder vum Paulus guer net sou friem.

Oder wien säit Wochen a Méint dem Terror vun den IS-Miliz ausgeliwwert ass oder wie virum Terror vun afrikaneschen Diktatoren ziddre muss;– dee kann de Paulus gutt verstoen. Ass dat nach Liewen ?

Och wann alles sou fuerchtbar onsécher ass, seet de Paulus : Jo. Well de Geescht vum Herrgott nach ëmmer do ass ; dee Geescht vu Liewen, vu Fridden. An um Enn wäert net alles einfach eriwwer sinn ; och däi Liewen net.

Fromm Wierder vun engem fromme Mënsch – sécher. Awer dach staark Wierder vun Hoffnung – a kee Verlaangeren no Dout, wéi et bei engem 1. Liese schéngt. De Paulus schwetzt aus der Erfahrung, déi hie selwer konnt maachen. Gott huet hie virun Damaskus opgeriicht an him kloergemaach : dat wat s Du gemaach hues – Chrëschten ze verfollegen an dout ze maachen – ass net an der Rei.

De Paulus mécht d'Erfahrung, datt bei Gott a mat sengem Geescht méi Liewe méiglech ass. Datt aus dësem Liewen anert Liewen, neit Liewe wuesse kann. Operstoen, Opstoen, Nei ufänken.

Hie vertréischt äis net ob e Jenseits, mä schenkt Hoffnung fir trotz allem Schwéieren Loscht op d'Liewen ze maachen. Mech net dreiwen a vun anere bestëmmen ze loossen ; mä mäi Liewen an d'Hand ze huelen. An dozou gehéiert och – wéi mir haut de Moien – e Moment stall ze halen, nozedenken : iwwer dat, wat war ; dat net vergiessen an doraus Léieren zéie fir äis haut.

Erënneren un dat, wat Mënsche mat Mënsche maache kënnen : gemaach hunn bei äis viru 77 Joer ; wat Mënschen haut nach Mënschen undoen. An äis ëmmer nees vum Geescht vum Herrgott mat der Hoffnung op méi Liewen ustiechen loossen, trotz allem wat mir Dag fir Dag an den Noriichten héieren. An äis vum Glawen inspiréiere loossen fir Weeër vu Fridden tëschend de Vëlker an de Reliounen ze fannen. Och haut hei bäi äis, an eiser Stad mat Mënschen aus ville verschiddenen Natiounen mat verschiddenen Kulturen a Reliounen.

Dës Hoffnung wënschen ech äis haut op dësem Gedenkdag. An och d'Kraaft fir dat auszehalen, wat mir net ännere kënnen : Konflikter offen unzeschwetzen – an da Weeër vu Fridden a Versöhnung ze fannen fir am Geescht vum Herrgott méi Liewen ze liewen.

Lesung aus dem 2. Brief des Apostels Paulus an die Korinther (2 Kor. 5,1-7)

Wir wissen: Wenn unser irdisches Zelt abgebrochen wird, dann haben wir eine Wohnung von Gott, ein nicht von Menschenhand errichtetes ewiges Haus im Himmel.
Im gegenwärtigen Zustand seufzen wir und sehnen uns danach, mit dem himmlischen Haus überkleidet zu werden.
So bekleidet, werden wir nicht nackt erscheinen.
Solange wir nämlich in diesem Zelt leben, seufzen wir unter schwerem Druck, weil wir nicht entkleidet, sondern überkleidet werden möchten, damit so das Sterbliche vom Leben verschlungen werde.
Gott aber, der uns gerade dazu fähig gemacht hat, er hat uns auch als ersten Anteil den Geist gegeben.
Wir sind also immer zuversichtlich, auch wenn wir wissen, dass wir fern vom Herrn in der Fremde leben, solange wir in diesem Leib zu Hause sind;
denn als Glaubende gehen wir unseren Weg, nicht als Schauende.

aus dem Evangelium nach Matthäus (5,43-48)

Weiter sagte Jesus :
Ihr habt gehört, dass gesagt worden ist: Du sollst deinen Nächsten lieben und deinen Feind hassen.
Ich aber sage euch: Liebt eure Feinde und betet für die, die euch verfolgen,
damit ihr Söhne eures Vaters im Himmel werdet; denn er lässt seine Sonne aufgehen über Bösen und Guten, und er lässt regnen über Gerechte und Ungerechte.
Wenn ihr nämlich nur die liebt, die euch lieben, welchen Lohn könnt ihr dafür erwarten? Tun das nicht auch die Zöllner?
Und wenn ihr nur eure Brüder grüßt, was tut ihr damit Besonderes? Tun das nicht auch die Heiden?
Ihr sollt also vollkommen sein, wie es auch euer himmlischer Vater ist.